

# D'GAMELLE

dezember 2004

E Bliedchen vun de

## Luerenzweiler Guiden a Scouten

an hierem Partnergrupp

## Scouts du Bon Berger de Rivière froide

# Impressum

## Redaktiounsuschrëft

GAMELLE GmbH & Co. KG
71A, route de Luxembourg
7373 Luerenzweiler
GSM : 091 30 97 37
em@il : gamelle@lgslorentzweiler.lu

## Chefredakter

LINCKELS Sven



## Redaktioun

Biber
Wellefcher
Avex
Carapio
Raro
Cheffen vun sämtlechen Branchen
Rob(y) Theisen
Gruppechääff

## Oplo

120 Stéck

## Nummer

N° 15 erauskomm de 13. November 2004

## Wat as dran?

**SÄIT**


| | |
|---|---|
| **1** | Cover |
| **2** | Impressum & Inhalt |
| **3** | Virwuert |
| **4 - 5** | Wichteg Adressen |
| **6 - 9** | Haiti |
| **10 - 11** | Biber |
| **12 - 14** | Wellefcher |
| **15 - 20** | Avex |
| **21 - 25** | Carapio |
| **26 - 28** | Raro |
| **29** | Buergbrennen 2004 |
| **30 - 31** | Montées Weekend 2004 |
| **32** | Memberlëscht 2003/2004 |


*Wien Fehler fënnt, dierf se haalen, beim Recycling-Center bei him an der Géingend ofgin, oder sech beim Mady Streesalz (M.E.N.) beschwéieren.*

## E puer Wuert vum ...

# Gruppechef

E Wuert vum Gruppechef an e puer Zuelen iwert eise Grupp.

34 Joer Luerenzweiler Guiden a Scouten, 28 Chefen an deenen eenzelne Branchen, +/- 30 mol Versammlung Biber, 30 mol bei de Wellef, 30 mol bei den Avex, 30 mol bei de CaraPio an 30 mol bei de RaRo. All Branche +/- 2 bis 3 Weekender pro Joer, déi eng oder aner Sortie an natierlech d'Campenger. 13 mol Grupperot pro Joer, Kreschtmaart, Buergbrennen, Ouschtereerverkaaf, Kleedersammlung, Chefdag, Elterenowend, an sou weider an sou virun.
Ech haat meng Méi fir et auszerechnen, mee daat sin "sage und schreibe" alles zesummen 1536 Stonnen wou an iechent enger Form bei eis eng leeft, wou eppes an eisem Numm gemach get. Daat sinn emgerechent 64 ganzer Deeg oder 17% vun der Zait vun engem ganze Joer. An deser Rechnung sinn d'Virbereedungszait, resp. -versammlungen net agerechent.

Dest ass natierlech alles benevol Aarbecht an duerfir fannen ech daat enorm. Mir hun zum gréissten Deel relativ jonk Chefen an duerfir soll och kee mir schwetzen vun der "béiser, schlechter" Jugend vun haut, zu eiser Zait war alles besser, daat ass alles Quatsch. Jonker sinn haut a waren et och fréier, motivéiert an engagéiert. Liddrecher get natierlech och, haut sougudd wéi fréier, mee ech behaapten mat fraiem Gewessen daat mir bei eiser Chefséquipe kee Liddrechen dabei hun, jiddereen mecht sain Job, a sengem Beraich an sou wéi en et kann. Een deen nemmen kennt fir sech z'ameséieren an ze profitéieren, ass net laang derbai. Wann een eng Chefcharge iwerhellt, get een gefuedert, et léiert een Verantwortung iwerhuelen.

Duerfir well ech hinnen alleguer, vum éischte Biberchef bis zum läschten RaRochef, der 5.Branche fir hirt gelegentlecht Engagement, all eise Frenn déi eis sou ronderem hellefen, eisen Elteren fir hir Ennerstetzung, hirt Vertrauen an hir



Gedold, eiser Kessière, dem Chantal, waat ganz vill Aarbecht am Hannergrond mecht, dem Sven fir sain scho joerelangt Engagement fir d'Gamelle

e **RIESEGROUSSEMERCI** soen.

Sou, an dee läschte Merci geet un eise Pit, den Aumonier vum Grupp. Hien huet vill Aarbecht, mee béit an dréint et awer emmer nés esou daat hien kann un eisen Aktivitéiten a Grupperéit deelhuelen. En decken "Siggesagge siggesagge siggesagge, hoi hoi hoi" fir de Pit.

Ech wenschen iech allguer e flott, erliewnisraicht, Guiden a Scoutsjoer 2004/2005.

Jemp Beck

# Wichteg Adressen

## BIBER

Responsabel
BIDOLI **Renée**
8, rue de Mersch
7432 Gosseldange
TEL : 32 79 69
GSM : 061 784 250

BEFFORT **Jill**
2, Cité Roger Schmitz
7381 Bofferdange
TEL : 33 16 83
GSM : 091 737 146

BRÜCK **Mich**
36, rue Principale
7450 Lintgen
TEL : 32 83 82
GSM : 091 801 737

KRECKÉ **Elisabeth**
18, rue de Mersch
7432 Gosseldange
TEL : 32 81 38
GSM : 021 768 176

MAYER **Catherine**
9, rue du Knapp
7460 Prettingen
TEL : 32 92 93
GSM : 061 291 184

POST **Robert**
44, Cité Schëfflengerbierg
3825 Schifflange

MENSTER **Annick**
GSM : 091 337 330

## WELLEFCHER

Responsabel
WEBER **Men**
140, rte de Luxembourg
7241 Bereldange
TEL : 44 94 47
GSM : 021 135 159

BRÜCK **Paul**
36, rue Principale
7450 Lintgen
TEL : 32 83 82
GSM : 091 785 848

DOSTERT **Mich**
11, rue du Cimetière
7396 Hunsdorf
TEL : 33 28 92
GSM : 021 421 805

FOURNELLE **Germain**
8, rue Belle-Vue
7350 Lorentzweiler
TEL : 33 81 70
GSM : 021 758 116

BICHLER **Fanny**
TEL : 33 73 08
GSM : 021 214 989

JACOBS **Marianne**
TEL : 32 86 89
GSM : 021 613 413

WENGER **Julie**
TEL : 32 91 96
GSM : 091 741 424

## AVEX

Responsabel
MOLITOR **Ben**
Z.I. Langwiss
6131 Junglinster
GSM : 061 303 431

BECK **Jemp**
5, rue des jardins
7325 Heisdorf
TEL : 26 33 20 70
GSM : 021 750 159

MOLITOR **Anne**
149, route de Luxembourg
7374 Helmdange
TEL : 33 73 88
GSM : 061 753 818

MULLER **Ernestine**
B.P. 19
7205 Lorentzweiler

BISENIUS **Ben**
TEL : 32 67 08
GSM : 091 620 377

## CARAPIO

Responsabel
LINCKELS **Sven**
71A, rte de Luxembourg
7373 Lorentzweiler
TEL : 26 33 20 62
GSM : 091 309 737

BOURMER **Fränk**
13, rue de la Gare
7448 Lintgen
GSM : 021 130 464

NEY **Carole**
5, rue des jardins
7325 Heisdorf
TEL : 26 33 42 40
GSM : 091 339 812

PANETTA **Nico**
28, rue Kreizert
7453 Lintgen
TEL : 32 95 42
GSM : 021 253 953

SCHROEDER **Ander**
4, rue Paul Eyschen
7317 Steinsel
TEL : 33 03 32
GSM : 061 730 814

MAES **Myriam**
TEL : 26 33 20 62
GSM : 091 332 018

## RARO

Responsabel

PEUSCH **Mireille**
21a, rue de Blaschette
7373 Lorentzweiler
TEL : 33 05 94
GSM : 061 791 115

HÖFLIGER **Tessy**
173, cité Roger Schmitz
7381 Bofferdange
TEL : 33 98 74
GSM : 061 393 494

## 5. BRANCHE

Responsabel

WEBER **Men**
140, rte de Luxembourg
7241 Bereldange
TEL : 44 94 47
GSM : 021 135 159

## GRUPPECHEF

BECK **Jemp**
5, rue des jardins
7325 Heisdorf
TEL : 26 33 20 70
GSM : 021 750 159

## SEKRETÄRIN

MOLITOR **Ben**
Z.I. Langwiss
6131 Junglinster
GSM : 061 303 431

## KEESSIERE

EVERAD **Chantal**
3, rue de Blaschette
7373 Lorentzweiler
TEL : 32 65 75
GSM : 021 144 951

## CAMIONETTE

PAULUS **Alain**
27, rue de Helmdange
7360 Helmdange
TEL : 33 72 56
GSM : 091 340 014

## AUMONIER

REUTER **Pit**
15, rue du Cimetière
7444 Lintgen
TEL : 32 03 50
GSM : 021 137 522

## FOYER

**FOYER ST. LAURENT**
23, rue St. Laurent
7370 Lorentzweiler
TEL : 33 07 08

## DEN LGS SHOP ...

**... as ze fannen :**

an der Stad am Convict
Bloc G um 1. Stack
5, avenue Marie-Thérèse

**... as op :**

Dënschdes a Mëttwochs
vun 15:00 bis 18:00
Donneschdes
vun 15:00 bis 19:00
ausser an de
Schoulvakanzen!

**... as ze ereechen :**

ënner dem
TEL : 44 7 43 313
oder per
EMAIL : shop@lgs.lu



# Haiti

***Eng flott Insel fir Vakanz ze maachen?***

D'Wieder ass gudd, d'Leit sinn frendlech, hun emmer een Laachen bereet, d'Landschaft ass iwwerwelttegend an d'Plagen ewei vun den Postkaarten.

Haiti, daat ärmsten Land vun den mettelamerikaneschen Inselen deelt sech d'Insel Hispaniola mat der Dominikanescher Rebublik.

Geziehlten Acht Milliounen (geschaat 11 - 12 Mio) Leit liewen an engem 27,75 $km^2$ groussen hiwwelechen Land, waat duerch Buedemerosioun an Waassermangel geprägt ass.

D'Awunner sin Ofstaamen vun afrikaneschen Sklaven déi an der Zait vun der Kolonisatioun vun Europäer (Franzousen a Spuenier) duer verschleeft si gin fir Holz ofzebauen an Zockerrouer unzebauen.

Ekonomesch ass Haiti haut total zerstéiert, nemmen e puer grouss Konzerner loosen do, weinst der belleger Arbechtskraaft, nach produzéiren (ausbeuten).

Un Tourismus ass bei sou enger onstabiller Laag nett ze denken, 32 Coups d'état an 200 Joer, daat schwätzt fir sech.

Entwecklungshellef kennt nemmen lues virun well Saitens vum Staat keng Ennerstetzung do ass.

Den Ennerhalt oder Existens vun Infrastuktur, wei Stossen, Wasserleitungen, Elektresch, Ofallgestioun an nach villes méi ass nett do oder nett garantéiert.

D'Leit sinn op sech gestallt an sou gesinn och d'Zuelen aus: 90% Analphabeten; 85% Arbechtslos; 50% enner an esaiteg ernährt; 50% Kannerstiewlechkeet biss 5 Joer … a.s.w.

D'Land geet am Chaos enner. No de läschten Onrouhen, wou hiren Präsident den Aristide an den Exil geflücht war, ass den ganzen Staatsapparat, an domat och d'Secherheet (Police, Prison) auserneen gefall. Am Moment soll dess Secherheet vun den vereenten Natiounen oprecht erhaalen gin.

Dobai kennt nach, dass Haiti am läschten Joer vun zwou schrecklechen Flutkatastrophen heemgesicht gouf. Duech déi sech d'Liewensemstänn enorm verschlächtert hun.

Haiti ass een Land wou d'Iwwerliewen een Wonner ass.

Rob



# E klengen Historik

***Luerenzweiler Guiden a Scouten an Haiti***

Am Grupperôt vum 7.12.1995 ass alles lass gaangen. Eisen demolegen Aumonnier, de Romain Ney, deen zu desem Zaitpunkt schon eng ganz Reih vun Projeten op Haiti begleed haat, huet gefroot op mir eis nett och un der Entwecklungshellef bedeelegen wellten.



E puer Gruppereit mei speit stoung et da fest, dass mir am ganzen mat 9 Leit (Tessy Höefliger, Patrick Galbats, Pascal Fehlen, Mex Schroeder, Ender Theisen, Jaques Constantin, Flepp Wenger, Danielle Becker an ech) am Februar 1997 zu Café-Lompré Beem planzen geifen.
Aus eiser Bekanntschaft vun dohannen sollt zu Café Lompré eng Scoutstrupp geschaafen gin deenen mir hei heem weider op Spreng hellefen wollten. Leider ass awer op laang Siicht naischt draus ginn well déi motiveiert Chef hu missten an d'Sadt an d'Schoul.
Mam Frère Paul dem Responsabel haaten an hu mer awer emmer nach Kontakt sou dass d'Verbindung nie ofgebrach ass.
Am Joer 1999 huet d'ENR (Equipe Nationale RARO ) op nationaler Basis een Entwecklungsprojet an d'Liewen geruff deen sech Oddyssée 2001 genannt huet. Aus dem ganzen Land konnten sech Raro an verschiddenen Entwecklungs Projeten aschreiwen.
Well meng Fra an ech schon mol op Haiti waren sin mir du gefroot gin op mir desen Deel organiseieren wellten. Zesummen mam Danielle hun ech de Romain nees besicht.
Mat Hellef vun sengen Kontakten durecht d'ONG Objectif tiers monde, hu mir eis fir de Bau vun enger Wasserzetair um Cap Rouge décideiert.
D'Organisatioun vum Odyssée 2001 hellt sain Laaf bei den insgesamt 17 Umeldungen fir Haiti waren der 4 Steck vum Lorentzweiler Groupe (Jemp, Carole, Flepp, an ech).
2001, ee Joer virun deem eigentlechen Projet sin de Flepp, de Jemp, de Romain an ech dorower geflunn vir um Terrain alles virzebereeden.
Demols si mir fir d'éischt dem Felix, dem Lionel an dem Jhonny, begéint.
Do hu mir décidéiert hier Idde ze ennerstetzen an hierem Scoutstrupp ze hellefen. Die dräi hun eis während eisem ganzen Obenthalt begleed an och 2002 beim Bau ennerstetzt.
Nees hei heem bleiwt den Contact zu den Scouts du Bon Berger vun der Rivière



froide, an de Luerenzweiler Grupperôt hellt d'Décisoun fir eng Art Partnerschaft mat hinnen anzegoen.

Mir schécken hinnen hei gesammelt Suen fir sech Uniformen ze kaafen an d'Cotisatiounen bei hierer Fédératioun ze bezuelen.

2002 am Februar sin dunn 17 Letzeburger RARO op de Cap Rouge geflunn fir do matt 20 haitianeschen Scouten een onvergiesslechen Campchantier ze erliewen deen warscheinlech jidwerengem sain Leiwen geprägt huet.
An Zesummenarbecht mat der ONG Guiden a Scouten mat der Dretter Welt, finanzéieren mir den Bon Berger Audiovisuelt Material fir an hieren Versammlungen Opklärungsfilmer iwwer Hygiène, Aids, a.s.w. virdroen ze kennen.



An engem Container vum OTM kréien mer 1m3 Plaatz zur Verfügung a schecken 4 gudd gefellten Materialskeschten op d'Rivière froide.
De Jemp ass motiveiert an invitéiert am Summer 2003 den Felix op Letzeburg. Hien léiert hei vill nei Frenn kennen a begleed eis Avex op hieren Summercamp. D'Gedanken gi gesponnen wéi mer eis Hellef dohannen verdéiwen kennen. Engersäits ass et wichteg den Scoutstrupp ze ennerstetzen, anersaits ass et awer nach méi wichteg de Leit dohannen eng Zukunft ze erméiglechen, also eng Arbecht.
2004 ass een internationalen Raro Camp (4U) zu Déifferdeng. D'Organisatioun vun



desem Camp gesait vir, dass aus all Land daat während den Odyssées Projeten besicht goufen, e puer Scouten deelhuelen sollen. Et gett een speziellen Fong ageriicht an domat konnten mer eis dräi Frenn Felix, Lionel, an Jhonny op Letzeburg invitéieren.
Aus eisen éischten Pläng eng Resauratioun opzemaachen wou eis Leit vun der Rivière Froide dra schaffen kéinten gett naischt.
De Jemp an ech beschleissen eng ASBL ze grennen, déi sech zum Ziel setzt den Leit vun der Rivière Froide bei hiren Zukunftspläng ze ennerstetzen.
De Luerenzweiler Grupp wärt weider de Grupp vun der Rivière froide ennerstezen, an verschidden Ufroen vir een weideren Camp-Chantier gin ganz eescht geholl.

Rob



*De Groupe*

# Scouts du Bon Berger

***vun der Rivière froide***

D'Rivière froide, mat ongefeier 14.000 Awunner, ass een vun 13 Dierfer an der Gemeng Carrefour, engem Viruert vun Port au Prince.
Et lait an engem Hiwwel no un engem Flossbett, a wor virun langen Joeren een vun de touristesch am meecht besichten Banlieuen.
Obwuel mer hei nemmen e puer Kilometer vun der Haptstadt ewech sinn gesait et zimlech ländlech aus. An do ass et ewéi op ganz Haiti, d'Leit hu keng Arbecht an domat keng Suen. Keng Suen, keng Schoul ass den nächsten Schrett, an sou kennt et, dass vill Kanner a Jugendlecher hiren Daag op der Stross verbrengen.
Aus deser Situatioun eraus haaten sech e puer Leit zum Ziel gessaat, een Scoutsgrupp ze grennen. Zimlech séier haaten se genuch Kanner begeschtert.
Hir Haptzieler stinn enner folgenden Themen :
- Wichtechkeet vum Scoutismus an der Gesellschaft;
- Educatioun am Beraich Gesondheet, Emwelt, Hygiène;
- Communicatioun a gudd Manéieren.
Wei déi dräi Haptresponsabel eis 2001 fir d'éischt begéint sin, waren sie eis direkt sympatesch. Hier Idde huet eis gudd gefall, sou dass mir versprach haaten hirem Grupp op d'Been ze hellefen.
Eisen Grupperôt war d'Accord fir eng Art Partnerschaft anzegoen.
Als éischt war et wichteg dass sie bei der Federatioun vun de Scoutes d'Haiti ugemellt goufen an sech och Uniformen kaafen konnten.
Duerno hu mer e Wee fonnt fir hinnen e Fernseh, e Video, an ee Groupe electrogène ze finanzéieren. Mat desem Material konnten sie hir Educatioun mei einfach a verständlech un Hand vu Filmen virdroen.
Nom Camp 2002 um Cap Rouge wou hieren Grupp och um Camp-Chantier bedeelegt war, hu se een Deel vum Matereial z.B. : Feldbetter, Zelt, dirfen behaalen, totzdem gin nach Kichen an Scoutsmaterial gebraucht. Mir schécken an engem Container 4 selwer gebastelt Keschten déi se spéider als Schaaf benotzen kennen.
Et sollt awer nett nemmen eng finanziell Ennerstezung sinn, an dofir haaten mer an eisen Branchen gefroot vir een klengen Austausch ze organiseieren, sou dass eis Wiwel hinnen Collagen iwwert Letzebuerg gescheckt haaten, an d'Avex souguer un eenzel Kanner Bréiwer geschriwwen hun.
Et ass schéin ze gesinn ewéi een mat wéineg Mettel op Haiti scho grousses errechen kann.
D'Bon Berger hun haut ongefeier 50 Memberen an all Sonndegmetteg um 3 Auer trefft sech den ganzen Grupp fir d'Versammlungen.
Dest Joer haaten se souguer een Gruppecampeng. Hier Scouts Method ass zwar en besselchen anescht wéi bei eis, et gett nach mei Währt op Drill, Uniformen an Hirachie gesaat.
Mais Vermettlug vum Scoutsgeescht, ewéi Bildung vu senger Perséinlechkeet, respektéieren vu sengem Nächsten, erhalten vu senger Emwelt a.s.w., ass schon zu Letzeburg eng wichteg Aufgab, awer op Haiti wou een Menschenliewen näischt wärt ass an d'Leit an hierem eegen Dreck erstecken ass des Arbecht nett mat Geld ze bezuelen.

Rob

# Weekend zu Befort

Freides owes sin mer schon beim Foyer fortgefuer an Richtung Befort wou mer eis dunn an der Jugendherberge ageriicht hun. Kuerz dono hun mer zu Owend g'iess an direkt mat der Veillee ugefaangen. No e puer coole Spiller an Geschichten iwwert Ritter an d'Mettelalter sin d'Biber och schon midd an d'Bett gefall, obwuel... geschloof hun se jo net direkt, mais daat kennen mer jo och net aanescht vun Weekender!

Moies frei aus de Fiederen hun mer e puer Schmieren g'iess an eis dunn op de Wee vir op d'Buerg gemaach. Do goufe mer ganz vill iwwert Mettelalter gewuer, z.B. wei se gelieft hun, wou se geschloof oder gekacht hun. No der visite vun der Buerg sin mer rem zu Fouss bei d'Jugendherberge getreppelt an hun un eiser eegener Ritterausrustung geschafft, als eischt hun mer en Helm gebastelt.



Dunn war et och schon rem Zait vir d'Mettegiessen..mmhh...

Nom mettegiessen war et Zait vir eisen groussen Rittertourneier. Wou eis kleng Ritter alles gin hunn fir hierem Numm gerescht ze gin! D'Tourneier war enner aanerem aus Sackhupfen, Staffelen an Draacheschwanz klauen zesummenge-saat! Zum Schluss hun d'Biber dann geint



d'Chefen Futtball gespillt, wou natiirlech eis kleng Ritteren gewonnen hun.
No der grousser Ustrengung sin mer rem zreck bei d'Jugendherberge gaang an hun de laschten Deel aus eiser Ritterkleedung weiter gebastel an zwar e grousst Scheld. Nodeems mer dunn mei speit zu Owend g'iess hun, sin mer owes op Draachejuegd gaang an hun dee beisen Draach besiegt!!
Vir de chefen dessen owend mei liicht ze man hun mer eng Meditation gemaach an dono hun mer souguer direkt geschloof, well et deen aaneren Daag jo och erem frei lass gaangen ass.
No dem Moiesiessen hun mer eis Rucksack gepaack, waat net sou einfach war, well alles iwwert de ganzen Dortoir verstreet war an et schweier war all eenzel Stremp erem ze fannen, oje... Dono hun mer na epuer lidder geuebt vir eist Fest.
Dunn war och schon baal de ganzen



moien riwwer an mir kruten lecker Spaghetti z'iessen.
Am nometteg war et dunn endlech esou wait an eis Biber goufen zum Ritter geschloen. Als Ofschloss hun mer na epuer Lidder gesongen an dunn sin d'Elteren dei kleng Ritter sichen komm... Dese Weekend war wierklech gelongen an mir hun alleguer vill iwwwert de Alldaag vum Ritterliewenn geleiert!

Renée

# Sortie op de prehistoreschen Site zu Blaaschent

***(Freijoer 2004)***

Mir hun eis ewei normal Sonndes um 10:00 Auer getraff. Direkt si mir dun mat den Autoen erop bei den Fitnessparcours an de Bösch gefuer. Zufouss ass et dun weider bis op de Site gaangen, daat sin nemen e puer Meter de Bierg erop. Op der grouss-er Menhirplaatz hu mer mat de Spiller ugefaangen. Et waert geint 11:30 gewierscht sin wei deem éischten Biber sain Mo gegrommelt huet. Mir hun dun PROBEIERT d´Feier unze-maachen mee wann et dobaussen nach richteg gudd fiischt ass ... Matt villem hin an hier konnte mer dun endlech eist Fleesch grillen. Eis Biber an och mir haaten e gudden Honger, et huet net laang gedauert du war och schon naicht méi do. Henno hun d´Kanner nach bessi fräi gespillt, wéi dun e beemol den André sech en Zand un engem Baam erausgeschloen haat. Oh mei!

Um 14:00 Auer sin d´Elteren se rem bei de Bösch siche komm. Et war eng flott Sortie, d´Wieder haat zwar net richteg matgespillt, mee mat eise léiwe Biber ass et emmer amüsant. Schued war awer och datt daat pre-historescht Haus net op war, dorob-ber haaten sech d´Kanner scho gefreet.

Elisabeth

# SCOUTSIDE2004

## KONSTRUKTIONEN / KNOTEN

Morgens, Dienstag den 7. wurden wir in fünf Gruppen eingeteilt. In einer Gruppe haben wir den Lassoknoten gelernt. In der anderen Gruppe haben wir die Achterschlinge gelernt, den Rettungsknoten, den "Brëllasch". In der dritten Gruppe haben wir den Seilverkürzungsknoten gelernt. In der



vierten Gruppe haben wir den Weberknoten (gekreuzter platter Knoten) und den Anglerknoten gelernt. In der fünften Gruppe haben wir den Strickleiterknoten und den Zimmermannsknoten gelernt.
Danach wollten verschiedene von uns nur noch Knoten machen. Es machte uns sehr viel Spaß! Wir wurden so schlau, dass wir einen dicken Baum mit 5 Seilen gezogen haben. Und da haben wir ihn 10 m vom Wald zum Haus und über die Strasse gezogen. Da haben Lena, Rachel, Jeff, Lissy, Fanny geholfen. Danach haben wir eine Idee gekriegt. Lena und Lissy haben eine Pyramide (Kreamid) gebaut (aus Bäumen und Knoten), die wir dann für ein Theaterstück gebraucht haben. Wir haben auch sehr viele Spiele damit gemacht.

Michèle & Fanny

## TUT ER'S ODER TUT ER'S NICHT???

Eis Chieféquipe haat e Spill vir eis organiséiert. Jiddereen huet eng Aufgab krut, an di aner hu misse roden op en et mëcht oder net
D'Carole B.huet seng Hoër misse mat Spüli wäschen. Et huet et awer net gemach.
D'Rachel huet misse bei en Haus goen an do "Léiwer Herrgottsblieschen" virsangen. Et huet et och gemach.
D'Lena huet missen an 3 Minuten 4 verschidde Kniet machen, an et huet et gepakt.
De Jeff huet sech missen als Meedche schminke lossen, an en huet et gemach.
D'Liz huet missen eng 1 L Fläsch 3 Minute laang unhalen.
D'Fanny huet missen mat engem Been em de Schalet sprangen. Hatt hat et zwar gemach mee net gepackt.
D'Carole S. huet missen een Pudding, deen him schon net geschmacht huet mat Gewürzer iessen, hatt huet et gemach.
D'Flo huet misse Feier mat engem Brickée an a 5 Minuten ufänken, mee hat huet et net gemaach.
D'Julie huet missen e Lidd virun eis all sangen. Hatt huet et och gemaach.
De Brian huet misse Biller erkennen mee en huet et net gepackt.

Rachel & Lena

## DAS SCHWIMMBAD

Wir sind mit der Kamionnette ins Schwimmbad gefahren. Wir sind schnell in ein Familienvestiaire gegangen. Die Jungs solo. Wir sind unter die Dusche gegangen und schnell ins Schwimmbad. Wir sind oft auf die Rutsche gegangen. Auch auf das Krabbeltier, wir sind viel getaucht und draussen im Strudel geschwommen. Nach drei - vier Stunden sind wir dann wieder aus dem Schwimmbad gegangen und verschieden haben noch sich Chips und etwas zu Trinken gekauft. Dann sind wir wieder mit der Kamionette weggefahren.

Michèle & Fanny

## VERSPRECHEN

Das Versprechen hatte abens angefangen.
Brian war der einzige aus der Gruppe, der das Versprechen noch nicht gemacht hatte. Der Pastor war gekommen und hatte leckeren Kuchen mitgebracht. Herr Reuter hatte eine Veillé mit uns gemacht. Wir bekammen einen Zettel mit Sprüchen ausgeteilt und Wir mussten die Bedeutung der Sprüche erklären.
Jeder hatte die Uniform an und wir versammelten uns um das Feuer.
Interwiu mit Brian: "Wie hat es sich angefühl das Versprechen zu machen?" (Flo)
"Es war ok. Und ein bisschen aufregent" (Brian)
"Was musstest du machen?" (Flo)
"Ich musste die Fahne festhalten und meinen Text vorlesen. Am Ende haben mir alle Gratulirt" (Brian)

Flo & Brian

## NUETSRALLY

Am letzten Abend machten wir einen Rally im Wald. Es war schon dunkel, manche von uns hatten am Anfang Angst, doch die verging schnell. Das Spiel hiess Schmuggler, das ist ein Spiel in dem man vom einen Lager in das andere einen Gegenstand bringen muss. Wir mussten gut aufpassen dass wir nicht gegen einen Baum traten oder in ein Loch. Es war sehr



spannend. Leider dauerte das Spiel nicht lang genug, denn wir müssten Morgens früh aufstehen um den Chalet zu putzen und zu räumen.
Wir hatten viel Spass !!!!!

Julie & Carole S.




## FREIZEIT

Wir hatten viel Freizeit und amüsierten uns gut! Wir hatten eine Hütte aus kaputten Bäumen und Ästen gebaut! Wir machten das immer zu 3 - 5!
Wir verbrachten viel Freizeit im Wald und spielten in der Hütte. Wir erkundeten die Natur. Jeden Tag kommen ein Pferd und ein Reiter an unserer Hütte vorbei! Wir hatten viel Spaß!!!

Julie & Carole S.



## SORTIE

Morgens sind wir mit dem Zug in die Stadt gefahren, das dauerte ungefähr eine viertel Stunde. Kurz angekommen, sind wir schon in den Bus gestiegen und sind weiter in die Stadt gefahren.
Wir sind den "Wenzel-Tour" gegangen. Wir hatten eine Führerin, das war die Mutter vom Misch. Das dauerte ungefähr 2 Stunden. Aber leider wurden wir von einem Gewitter überrascht. Weil wir so lieb waren bekamen wir eine Überraschung. Und zwar ins Kino, Shrek 2 schauen(der war cool). Das war vielleicht eine Überraschung.
Schade, dass es so schnell vorbei war ...

Fränz & Jeff

## CAMPLIDD

Et j'entends pisser Germain
Dans la forêt de Wiltz
Oui c'est vrai, oui c'est vrai
C'est vraiment vrai.

Et demain, demain matin
Toutes les fleurs sont mortes
Oui c'est vrai, oui c'est vrai
C'est vraiment vrai.

Et les pauvres animaux
Ont senti le pipi
De Germain, oui de Germain
Oui de Germain.

Et ensuite les animaux
Sont morts comme les fleurs
Oui c'est vrai, oui c'est vrai
C'est vraiment vrai.

Lena, Rachel, Liz & Fanny

# AVEX CAMP 2004 Mc Gyver

Vum 9. bis den 18. August am Fënsterdall

**1. Daag**
Meindes, den 9.August 2004

Den 1. Daag vum Camp hun mir eis zu Lentgen op der Gare getraff, fir dann vun do aus iwwert de Veloswee an den Fensterdall ze fueren. Et war zwar net onheemlech wäit, mä mir hun emmer missen op de Ben waarden, an duerno waren mir awer alleguer midd. Am Fensterdall op eiser Campplaz selwer hu mir dun vill Nëtzleches, wéi zum Beispill een Déch oder eng Kichen mat einfachen Mettelen opgeriicht: Holz a Seel. Mir sin dun an de Besch gaang an hun do vill Dommheeten gemaach. Owes dunn war et esou wäit. Midd vum ganzen Daag sin mir an d' Zelter gaang, an do och direkt ageschloof.

Christophe Schmol

**2. Daag**
Denstes, den 10.August 2004

Schon den 2ten Daag si mer mega speit opgestaanen! Eisen eischten fënnef Stäeren petit déjeuner vum Camp. Um Menü stoungen Kellogs an Schmieren. Dono nach laang spullen, well eis Spullmachine dommerweis futti war!
Wéi déi flott Aktiviteit oofgeschloss war, hun mer eis opgedeelt an eis un d'Aarbecht gemaach fier d'Konstruktiounen faerdeg ze maan. Grad wei mer d'Plaanen iwwert den Dësch an eis Kichen gezunn haaten huet et ugefaangen ze schëdden wei aus Eemeren!!! Surprise...surprise... Gudd, dassen mer nemmen Summerkleeder agepaak haaten! :
Fir d'Mettegiessen hun mer eis e Breidchen geschmiirt an ett eis gudd schmaachen gelooss. Am Nometten hun mer eis Kichen mat Bulli ausgestattet an d'Konstruktiounen weider gebastelt bis Owes speit.
Zur Oofwiesselung gouff ett Owes rem Schmieren! No deem ustrengenden Daag haaten mer keng Energie an virun allem keng Loscht méi e Nuetsspill ze maan. Also hu mer eis en relaxen Owend beim schnuckelegen Lagerfeier gemaa an eis gudd amüseiert.

Julie Jacobs



**3. Daag**
Mettwochs, den 11.August 2004

Moies si mer sou geint aacht aus de Fiederen geheit gin, an lues a lues ass een no deem aaneren aus dem Zelt gekroch. Nom Moiesiessen ass et dunn nees un d'Aarbecht gaang. All Patrull kruut eng Aufgab. Während dei eng een klengen

Keefeg fier eis drei Ieselen opgeriicht hun, hun dei aaner een Pizzauewen aus Bulli gebaut. Nom Mettesiessen ass et dunn a Richtung Reiden gaang, wou mier eis e bessen an d'Piscine oofkillen gaangen sin. No deser Erfreschung ass et nees zereck op d'Campplaatz gaangen. Do hunn mier Owes nach een klengt Nuetsspill gespillt. Zum Schluss soutzen mer nach reläx beim Lagerfeier. No kuerzer Zait hunn mer dunn och schon missen an d'Haya.

Charel Bidoli

**4. Daag**
Donneschtes, den 12.August 2004

Wéimir erwäscht gin sin, hun mir eis ugedoen, an mir hun Kaffi gedronk. Duerno hun mir missten eise Rucksak paken an eis zu Fouss op de Wee maachen fir den Hike unzefänken.Ënnerwee hate mir dem Max net nogelauschtert, dofir haate mir eis verannt an dun sin mir zereck gang a sin dann de richtege Wee gaangen. Do tëschent missten mir duerch pickeg Planzen goen. (dat war esou flott! :)



Zu Bill hu mir dun eng Paus gemach vir eppes ze drénken. Duerno hu mir eis op de Wee gemach. Wéi mir dunn e bëssen gang sin koum zum Schluss en schlëmme Bierg, deen war esou géi. Dunn missten mir bei eng Kappell goen, an do hun d'Cheffen op eis gewaard. Do hu mier zu Mëtteg gies. Dun hu sie eis agelueden a mat der Camionette Richtung Daitschland gefouert. Dobai hate mir de Wee eng Keier ënnerbrach, well d'Cheffen an de Mc Donalds sech eppes siche waren fir ziessen.



Wéi mir an Däitschland ukomm sin, wou de Start vun de Kawjaken war missten mir waarden, dei waaren ënnerwee. Den Himmel ass ëmmer méi schwarz gin. Wéi Kawjaken ukomm sin hun mir op eis Cheffen gewaart an dunn kont et lass goen. Tanja an d'Samantha; Jil, Lisa an Tom; Julie an de Charel; de Christophe an de Max; de Ben M. an Tammy an den Ben B. an ech. Wéi mir alleguer um Wasser waren konnten mir lass leen. Wéi mir alleguer e bëssen gefuer waren huet et sou richteg ugefaangen mat reenen. Tania an Samantha; Jil,Lisa an den Tom waren zimlech hannen dran. Et waren am ganzen 16km. Heiansdo louchen Steng am Waasser an dann waren et e puer Strömungen awer klenger. Wéi Jil, Lisa an den Tom nët méi no komm sin hun sie den Tom ausgewiesselt. Dunn krut de Ben M. an Tammy den Tom bei sech. De Christophe an de Max sin ëmmer an de Ben B. a mech geknuppt. Dunn op eemol het de Ben dem Christophe sai Paddel weggestouss, sou dass hien näicht méi hat vir ze paddelen. Dat war déck lusteg. Wéi vill Zait vergang war an mir bal an der Halschent waren hun mir eng Paus gemach an ech sin op d'Stross kucken

gang op keen Stroßenscheld do stung. Op der Plaatz wou mir eng Paus gemach hun hätten mir kéinten an d'Waasser goen mat de Kleeder a mat de Biergschong.
Wéi mir dunn um Ziel zu Iechternach ukomm sin, hun mir eis dréchen ugedoen. Well nët jidereen frësch Ennerwäsch dobäi hat hun d'Cheffen beschlossen den Hike fir haut ze ënnerbriechen an zréck op Camplatz ze fueren. Die meecht sin sech Kammellen kafen gang an Owes sutzen mir beim Feier eis Biergschong ze dréchnen.

Anne Rommes

**5. Daag**
Freides, den 13.August 2004

Moies, sin mir wéi emmer geint 9 Auer opgestan. Dunn hu mier giess a missten dun och leider spullen. Dat huet sech dunn awer super durch d'Spiller ouni Grenzen ausgeglach. Do misste mir zum Beispill op laange Skier eng laang ustrengend a schmerzvoll Streck zereckleen. Duerno haaten mier d'Feiss weih. Mir hun och e Spill gespillt, do stoungen mir alleguer op e puer Hockeren an missten emmer een virun deen aaneren stellen. Mir sin na op Steltzen gaangen. Den Hit war awer ganz ongeschloen dat Spill, wou mir mat engem Becher missten dem Charel, resp. dem Julie Waasser aus engem Meter Héischt an de Mond schëdden. Si hun d'Waaser




dun an e Moosbecher geschott.
Owes war net vill extraes lass. Mir sin ganz normal penne gaang an hun dun no e bessen Blödsinn och gudd geschloof.

Christophe Schmol

**6. Daag**
Samsdes, den 14.August 2004

Also, ... de Jemp huet eis de Moien erwäscht. D'Charlien hun den Desch gedeckt. Et gouff wei emmer Kellogs a Schmieren. Wou mir eis gefellt haaten, hun d'Julien gespullt. Mee, well ech an



d'Tanja keng Loscht haaten fir eppes aaneschters ze maan, hu mir d'Deppen dei vum Feier ganz schwaarz waren mam Piwel oofgemeet. Dono hun se erem geblenkt! Keen wees wei laang daat unhält. D'Charlien sin dei Zait Holz an de Besch siche gaang. Tja, a well daat weisst d'Zelt huet missen bei d'Entrée gedroe gin, misst jidereen op der Campplaatz hellefen, soss hätten eis Elteren naischt iwwert dem Kapp wann et reent. Mee decken Uschass, well et net gereent hat.=)
Den Jemp war Iessen kaafen mam Lisa an Charel (ech wees jo net waat se do gemaach hun). Wei se remkomm sin, haaten se e puer Strëmp kaaf, vir an d'Camionette an Saachen vir op d'Schmier. Nom Iessen misste mir Campplaatz opraumen an d'Entrée färdeg

maan an hei an do geschafft den ganzen Nomëtten. Den Änder haat den Deeg vir d'Pizza gebratscht. Geint 6 sin di eischt Eltren ukomm. Jo, eis leselen gouffen dun getëschelt an geheemelt. Pizzaen waren schnell färdeg an gouffen un d'Eltren verdeelt. Et gouffen och Mettien, Thüringer an Kotletten. Avex hatten wonnerschein Lidder virgesongen. D'Tanja, d'Samy an den Tom hun e Quiz virgedro. Dovir gouffen d'Eltren an 2 Gruppen gedeelt. An dei kennen meckeren ewei mir. (hihi) Schließlech haat d'Grupp 1gewonnen. Dono hu mir e beschen gesongen aus onsen flotten Lidderbicher!! D'Eltren sin och glaich heem gaang. Well et speit gin ass, hu mir net gespullt an mir missten an d'Dada.

Jil Schosseler



**7. Daag**
Sonndes, den 15.August 2004

Moies sin mer alt erreischt um ... eben zimmlech "speit" opgestann. Dun misste mer verschidden Experimenter maan an do gouff dun och di grouss Entdeckung vir den Supersprit vir eis Rackeit: Backpulver an Esseg ausgetüftelt!
Dono sin mer dun an de Besch gaangen an sollten elleng Feier maan, no enger Zait wei jidereen verzweifelt war, hun mer dun awer Fickspein geholl. Dun hun mer do gegrillt an nach mei speit misste mer dun



den hallwen Besch eroof schleefen vir een Bamhaus ze maan. No enger "zimlech laanger Zait" hung dun mol een Aascht (zimmlech wackeleg). Daat hun mer dun schliesslech och opgin (...richteg motiveiert...). Dun hu mer awer na eng Aafebreck gemaach. Owes ass dun och erem sou oofgelaaf wei emmer... halew Letzebuerg huet sech op eisem Camp versammelt.

Lisa Bisenius

**8. Daag**
Meindes, den 16.August 2004

De Jemp war mam Velo e puer Stonnen an de Besch. En wier drei mol gefall. Bei enger Keier huet hien sain Messer verluer. Du scheckt en eis an de Besch. Hien haat vill markeiert. Dann rifft en eis un, en hät sai Messer verluer, si mer mol gewuer gin. Wou mir et fond hun stongen mir na eng Stonn bei den fette Kei. Du ware mer do.

Tom Wiltgen

**9. Daag**
Denstes, den 17.August 2004

Morgens früh: Wir stehen auf und essen etwas. Als wir fertig mit essen waren sind wir in die Camionetten gestiegen und fuhren nach Mersch. Wir teilten uns in unsere Gruppen auf und gingen unseren

Weg. Als wir im Park die Information gefunden haben, standen Handynummern darauf, wir sollten anrufen und taten das auch. Die Cheffen hatten uns verarscht. Dann sind wir in den Green-sun essen gegangen. Danach gingen, wir wieder ins Camp. Am Mittag kam die Feuerwehr. Wir hatten auch "erste Hilfe". Wir hatten viel Spass das ist sicher. Wir haben auch ein Buch von der ersten Hilfe bekommen. Herr Reuter kam mit Catherine und wir haben den ganzen Abend gesungen und hatten viel Spass. Ende.

Tanja Wiesen

**10. Daag**
Mettwochs, den 18.August 2004

Majo!!! Den leschten Daag vum Camp sin mer mol Moies opgestaan, dun hu mer Kaffi gedronk an hun ugefaangen oofzeriechten! Dun huet jidereen mol iwwerall do gehollef, wou en konnt! Dat heescht: Zelter oofriichten an botzen, Konstruktiounen oofriichten, Pizzauewen auserneenhuelen, Feierplaatz botzen, Material zereck an d'Haal op Boufer féiren asw. Mettes gouf et net vill ziessen: just e puer Nuddelen, well mir missten jo och schaffen! Mëttes hat ech mam Tom zesummen d'Jongenzelt gebotzt an oofgeriicht, d'Meedecher haten och hiert Zelt ofgericht an gebotzt, den Christophe



haat dem Ben gehollef Konstruktiounen ofzerichten! Duerno sin ech mam Ben M. an mam Samantha d'Material an d'Hal op Boufer féiren gaangen! Wei mir eremkoumen stoung bal näischt méi vun dem wat mier alles opgericht haten! Duerno haten mier na de Rescht Material an d'Camionette gelueden an missten warden bis d'Chefen vun enger zweeter Fahrt aus dem Foyer erem waren! An däer Zait haten mir nach eng Ronn Frisbee gespillt! Wei se dunn endlech erem waren haten mier eis Rucksäck an d'Camionette geflueden an sin op Miersch an den Neptune an d'Pizzeria eng gudd Pizza iessen gaangen, déi mier jo natierlech och verdéngt hun!!! Duerno goufen mier heem gefouert an dun waren mir doheem! Natierlech nach schnell an d'Dusch gesprongen an dann an d'Bett.

Max Beck



# Weekend

**De 6. a 7. März**
**zu Kalborn**

Mir gouffen an zwou Guppen agedeelt déi am Oofstand vun enger Stonn den Zuch Richtung Eisléck gehol hun. Do kruten mer eng Enveloppe mat Biller dran wou eis Endstatioun gezeechent war. Mat de Rucksäck bewaffnet hun mer engem Wee missen nogoen, deen anhand vu Biller a Fotoen gewiesen gouf. No puer Stonnen koumen mer zu Kalborn un! Nom iessen hu mer eng mega cool Veilée gemaach, wou d'Schäwi an de Panetta eis gehollef hun. Vu datt mer nach net midd waren, hu mer nach am Besch Stratego gespillt. Doud midd si mer dun an d'Bett gefall.

Moies si mer frei erwäscht gin. Nom Kaffi drenken hu mer agepaack, eisen Pakalu färdeg gemaach an sin an den Besch iessen gaang. Du si mer endlech op Bitburg schwamme gaang. Troz deem flotte Weekend waren mer dono frou doheem ze sin (et war zimmlech ustrengend)!

Lisa
Jil
Tom
Charel



# Nuetsrallye 2004

**Vum 3. bis den 4. Januar**
**zu Heeschdrëf am Challet Ginko**

Mier gouffen a Gruppen agedeelt. Wei et deischter war, sin mier fortgang. Wann en Gléck hat an den Wee fond huet, ass en bei der eichter Statioun ukomm. Do misst een iwwert eng Aafebréck goen mat engem Becher Miel. Op der 2. Statioun misst een en Ee an de Mond huelen an mat deem iwwert eng Seelbunn fleien. No laanger Zait bei daer Keelt sin mier bei der 3. Statioun ukomm. Do missten mir mat der Mëllech (egal wou) eng Strécklieder eropklammen. Op der Statioun 4 missten mir mat Schier puer Meter goen. Wei emmer kruuten mir e Froebou fir auszefëllen. Dono missten mir e Spill mat Lastiker man, waat iergendwann futti gung an doweinst an d'Waaser gefall as. Du si mier zeréck bei den Chalet gaang.

Am Chalet hu mir dem Jemp sai Geburtsdaag gefeiert (41 Joër, du aalen Boop do). Du si mer all schloofe gaang. Yuppi, mol eng Keier konnte mir mi laang ausschloofen. Nom Iessen (ët gouf Ravioli) hu mer een Gesellschaftsspilltournoi gemaa. Mol eng Keier eppes anecht awer flott!

Uschléißend hu mer all gebotzt a sin een nom aneren heemgedrëpst.

Lisa, Jil, Tom & Charel




## Samsdes, 29.05.04

Haut sin mir vun Rotterdam fortgefuer (mam Boot) an iwwert e ganzen Koup Kanäl gefuer vir iergendwou bei Leiden erauszekommen. Eigentlech ass net vill geschitt, mee mir hun trotzdeem 3mol Kéier missen maachen (prima Ander) well mir emmer iergendwou bei enger Bréck rauskoumen, wou mer net duerchgepasst hun a wou och keen méi war vir se opzemaachen.
Dun, wéi mir 3 mol reonderem getuckert sin an gemierkt hun dass mir agespaart waren, do hun mer bei enger Tankstell ugeluecht , déi zou war.
Do huet de Schnittchen dann och säin Können um Vëlo démonstreiert an de Sven S. ass eise "Mann o Mann" gin!!

De Seebär

## Sonndes, 30.05.04

Haut ass endlech weidergaangen! Nodeems gewëssen Haribo'en ons wéi all Moien mam Motor waakreg gemaach haaten, hun mir emol gutt Kaffi gedronk. Fir 10 Auer hun mir missen bei der Bréck sin, déi gëschter de Wee verspaart haat. Sou géint 10.30 ass dunn och een komm an huet eis déi opgemaach. An vun do un ass matt Bi-Turbo weidergaangen. Mir sin duerch rieseg Séier gefuer an haaten e puer schéin Momenter wann d'Leit ob de klengen Booter vun onse Wellen geschaukelt gi sin. Endlech hun mir et dun och op Amsterdam gepackt! Mam Pol haat ech schon e Pudding gemaach an d'Iessen war grad färdeg, wéi dun och endlech de Pit an d'Catherine ukomm sin. No enger gudder Moolzecht (vum Pol an mir gekacht) sin mer Amsterdam "by night" kucken gaangen. Mir onschëllech CaraPio sin vun onsen Cheffen gezwongen gin, laanscht Fënsteren ze goen, wou "Madame'en" dran stoungen, och als "Rotlichtmilieu" bekannt. Onsen kulturellen Horizont huet sech ëm Längen erweidert.



No sou vill Kultur an engem "Frae-Béier", wéi de Garçon et genannt haat, sin mir dun duerch décke Reen heemgetrëppelt Zopp maachen, déi hun eng nach laang Kaarte gespillt, anerer Zeitung gelies oder Téi gemaach. An wou d'Möwen den

Fëschreiheren "Gudd Nuecht" gewënscht haaten, sin mir eis dun och an eis Luxus-Kajüten kuschelen gaangen!!

De Seebär

## Méindes, 31.05.04

Also haut de Moien sin mir opgestaan (komesch ne) an hun Kaffi gedronk. *mmh*
Dun kruuten mir en Froebou an d'Hand gedréckt, eng Kaart gewisen, wuel verstaan hun mer se net dierfen maathuelen an dun hun mir missen fort goen op sou een wonnerbar schéinen Rallye duerch Amsterdam. "YUPPI"
Jo ne, an wéi daat dann eben sou ass, sin mir getrëppelt an getrëppelt an hun Froen beäntwert…
Dun iergendwann hun mir eis Cheffen op sou enger komescher Plaaz getraff. Vun do aus sin mer Musée'en kucken gaangen, entweder "Van Gogh" oder een Musée matt moderner Konscht. Wou mer dun domatt färdeg waren, hun mir eis op der Gare getraff an sin akaafen gaangen. "YUPPI"



Schlussendlech sin mir zréck op d'Boot gaangen, wou mir gekacht an genammt hun. : "legger" ' richteg
Méi spéit sin mir dun op eng grouss Wiss gaangen an hun Fussball gespillt resp. Dommheeten gemaach!!! "OUPS"



Jo ne… an wéi daat dann sou ass sin mir op Boot zréck gaangen an sin schloofen gaangen! "Gudd Nuecht!"

Catherine

## Dënschdes, 01.06.04

Meng Wéinegkeet ass matt engem fréckten Réck opgestaanen, mee daat ass hei net vun Belaangen. Opallefalls war eist Ziel deen, vun Réichen, Aalen an Granzerten dominéierten Haafen ze verloossen an 15 km weider unzedocken. Nom Kaafi sin mir allerdings zu der mysteriöser Erkenntnis komm, datt eist Boot net ugeet. Aus unfänglecher Ongedold ass dun eng komplex Massenpanik entstaanen an ech hun schon mam Dout gerechent (liicht iwwerdriwwen)
Opjiddferfall hun eis Chef sech no 2 Stonnen pseudo-fachtechneschen Gestreids drop geénegt en Techniker ze ruffen deen, eist Boot och erem flott gemaach huet. Wahnsinn, et geet weider. No engem relaxen Mettëgiessen matt Zopp an Paanecher an enger warmer Schëffsrees sin mir owes an engem méi frëndlechen Yachthaafen matt offenen Ärm empfaangen gin, oder sou ähnlech. Den kulinareschen Héichpunkt vum ulaafenden Owend war eng gudd Kéisfondue. Dono hun mir, vir eng Veillée, Boot schwankend verlooss, an vir baal 2

Stonnen drop an séissen Dreem aschloofen ze kënnen.

Snoop Dog

PS : **Schéin Beiwieder zur Veillée**

Nodeems mir eis matt eisen Cheffen op enger grousser Wiss remfonnt hun, ass eis gläich kloer gin datt mir net um Strand sin, och wann de Fränk mehrmols während dem Owend probéiert huet eis vum Géigendeel ze iwwerzeegen. Et war halt eben einfach keen Mier an keen Sand do.
D'Veillée huet bestaanen aus verschiddenen Spiller:
- D'Sichen no Holzpéiler
- Zesummenbauen vun engem Zelt (matt den Holzpéiler an eisen Kleeder, jo mir waren herno all plaakesch oder baal)
- D'Wiermen vun engem Co-Equipier
- Engem Urgeff vun Kannibaalen (mir hun eis géigensäiteg matt Ärdness missen beschéissen, komeschen Zesummenhang!!)
- Opstaaplen vun Persounen vir een héichstméiglechen Punkt ze erreechen vir eng imaginär Kokosnoss ze plécken



- An zum Schluss produzéieren vun engem Feier wou baal dem Pol S. (Mir wëllen keen ganzen Numm nennen) säin eenzegen Boxershort, dem Versoen beim Versuch vum Alluméieren vum Holz matt Pobeier, dem Feier zum Opfer gefall ass.

Dono gouf ee neit Mörderspill gestart an mir sin matt imaginärem Sand an den Oueren schloofen gaangen.

Snoop Dog

## Mëttwoch, 02.06.04

Haut de Moien sin mir emol lues awer secher zréck op Amsterdam geschaukelt, wou mir an enger flotter Bucht bei engem China-Restaurant den Anker geworf hun. Do hun mir dun de Pit erausgelooss, well hien daat esou wollt.



Dun sin mir ouni speziell oder erwähnends Evenementer op Weesp gesaust, an natirlech huet et permanent wéi Sau geschifft. Zu Weesp hun mir eng ganz Reih lusteg Buttéker fonnt, an verschiddener (ok, d'Cheffen) hun sech Onmassen vun "Sachen die, die Welt nicht braucht" kaaf, beispillsweis eng automatesch Seefebloosemaach-Maschinn, déi en plus Nach ee gehierloosen Sound huet. De Misch konnt sech natirlech erem net packen an huet sech eng onheemlech fetzeg Waasserpistoul kaaf vir un d'Hand ze stricken. (Leider geet se kee Pond)
Am Nometteg hun mir dun e richteg männlecht Dëppen Pudding gekacht. Dommerweis war en relativ ruppeg, sou dass ech d'Eier haat seng stierflech Iwwerreschter am Kanal ze versenken, woubäi allerdengs och e bessi Bestéck

dropgaangen ass.
Owes gouf een Quiz gemaach bei deem mir eist universellt Wëssen enner Beweis gestalt hun (oder och net). Bei dem Quiz gouf et och Action déi een huet missen maachen, waat dann och zimlech amusant gin ass. Fir d'éischt sin Catherine H. an de Misch D. (vir elo keng ganz Nimm ze nennen) mol an den Kanal gesprongen. Duerno huet de Sven S. Rotz an Schaum gesoff. Daat war esou datt die ganz Equipp sech d'Zänn matt deem selwechte Waasser gebotzt huet, an duerno alles an een Becher gespaut huet, deen de Snoop dun wéi gesoot gekippt huet, ex natirlech an matt Sonnebrëll. Bei der leschter Aktioun hun Sven, Frank, Pol an Sarah 4.8 l Waasser an 2 min geschott. Leider huet de Moo bei verschiddenen net mattgemaach, sou dass de Kanal lo ëm e puer Liter Waasser méi voll ass. Nodeem gewaltegen Opwand hun mir dun nach e puer Partie'en "Couillon" matt de Schmuddelkaarten gespillt an sin schlussendlech pennen gaangen.

Schnittchen

## Donneschdes, 03.06.04

Moies sin mir opgestaanen, wéi all Moien. Dee läschten Daag um Boot war ugebrach! Nom Iessen sin mir zu Weesp fortgefuer, eist Boot ass ausnahmsweis ouni



weider Problemer ugesprongen. Vu Weesp sin mir dun op Utrecht getuckert, ennerwee hun mir ugeluecht an Mettespaus gemaach, Misch2 haaten eis eng Zalot paysanne matt Speck an Eer gemaach, déi ganz lecker war, mol dovunner oofgesin, dass d'Misch'en Salzminen




an d'Zalot geluecht haaten, déi ab und zu an eisem Mond explodéiert sin. Zur Krönung sin de Frank, de Sven an den Ander eis eng Glace kaafen gaangen. JUHU. Um 4 Auer haaten d'Cheffen RV mam Bootsmännchen vir d'Boot oofzegin, leider sin si awer ze spéit komm, haaptsächlech wéinst engem Brugwachter, deen méi lues war wéi eist Boot an iwwer 1 Stonn gebraucht huet vir 3 Brécken opzemaachen. Zu Utrecht ukomm sin mir duerch d'Grachten "gecruist" an d'Jongen hun "Poulet'en" op 3 Auer bewonnert. Matt vill Chance huet d'Party-Boot ennert den Utrechter-Brécken duerchgepasst, an sou si mir um Ziel ukomm. Do goufen mir aarme Scouten aus dem Boot gehaït matt all eisem Gepäck matt der Uweisung "Kuckt dass, dir op Rotterdam kommt!" Den Ander huet eis e klengen Budget gin, an esou si mir mam Zuch op Rotterdam gefuer. Do ukomm haaten mir e grousse Problem: keng Sau zu Rotterdam weess datt et do och een Camping get. Weder d'Rotterdamer Leit, nach d'Touristen oder d'Flicken wossten eppes vun engem Camping. (Déi ganz Sich noom Camping

wär natirlech och méi einfach gewiercht wann eis Kaart net an den Anal gefall wär!!) No laangem Gefroots an enger gudder Moolzecht am Burger King, hun mir schlussendlech eng gudd Séil fonnt, déi eis weiderhellefen konnt an géint 9 Auer waren mir dun um Camping ukomm. Leider waren d'Cheffen nach net do, an et haat och nach keen réservéiert. De Pol huet, tapfer wéi en ass, eng Plaaz reservéiert an d'Kätty huet eis läscht Suen als Acompte bezuelt. De Camping selwer war voller Kanéngcher, déi iwwerall zwëscht Zelter op der Wiss ronderem gelaaf sijn, an als natirlech Konsequenz alles voll gekackt hun. (We kacken in je Zelter!!)
Schlussendlech sin d'Cheffen dun och ukomm an deen abenteuerlechen Daag ass a Fridden matt falschem Gesang a pseudo-professionnellen Volleyball ausgaangen.

Sarah
(Sozialschlampe)

## Freides, 04.06.04

Moies sin mir  wei all Daag matt Zaiten opgestaanen! Haut war Kultur ugesoot, also mir sin e bessen duerch d'Staadt



gelaatscht, an sin e puer Saachen kucken gaangen. Gudd an den Burger King  (oder war et McDreck) iessen gaangen, nujee, speider hin war dun Non-Stop shopping ugesoot.
No deem laangen Gerenns an deenen schweieren Tuuten, ass et dun nees op den Camping gaangen, wou sech déi eng un d'Kachen gin hun an déi aaner nach eng Partie Volleyball gespillt hun.
No deem leckeren Iessen (et ass gegrillt gin), ass nach e bessen geschwaat gin an virun allem awer matt de Kaerzen gespillt gin. (Sven S. & Co, ouni elo hei zevill



Nimm ze verooden!)
PS: Mir haaten haut eng Première fir de Camp, eis Jungs, déi sech geweigert haaten fir sech ze wäschen,(waat sech dann heiansdo negativ bemierkbar gemaach

## Samschdes, 05.06.04

huet), sinn haut an d'DUSCH gaangen!!!
Also haut war erem een typeschen läschten Campdaag: Saachen botzen, an apaaken! No e bessen Chaos beim Kaffidrénken, ass et dun awer relativ féx op d'Gare gaangen, wou mer dun den Zuch fir Heem geholl hun, wou mer dann och gudd ukomm sin!

RANGER - ROVER LUXEMBOURG 4U

**Raro Camp 2004**
**Vum 21 Juli - 1 August**

Als 1. eng Erklärung: Den 4U war en internationalen Camp fir RaRo. Den Camp huet em die 4 Elementer Feier, Wasser, Wand, Loft gehandelt. Et waren +- 300 Scouten aus iwerall dobei, sou z.B. Japan, Schweden, Eistreich, Niger, Haiti, England, Frankreich … etc

Zu Peiteng ukomm, sin mir an deen wackelegen Zuch 1900 rangeklommen, den eis bis bei Minieren fond de grains gefrouert huet. Minieren waren kaal, fiicht an engk ;o)
Op der Campplatz unkomm, hun mir eis drun gemeet, fir eis Konstruktiounen opzeriichten vue que dass mir chance haaten, dass d'haitianer eis Zelter schon opgeriicht haaten. D'Haitianer waren schon puer Deeg eischter um Camp.
Dun owes, no sou vill Unstrengung, haaten mir eng ‚Kennenleierveillée' op eisem Souscamp Wasser. Die war super!
Den aneren Daag, dat heescht Freides,



haaten mir dun eis interessant laaaaaaaaaang Eröffnugnsfeier, wou mir die verschiden Natiounen, wie z.B. Japan,Schweden,Niger, firgestalt rkuuten.

Samsdeg geet dun mol endleg den Programm lass. Beim Global Development Village konnte en tescht verschiden Atelier'en,wie z.B. Snöselen, brasilianeschen Danz bei engem knackegen Brasilianer ;) …, wielen. Owes huet dun den 24 stonnen Camprecord ungefangen, deen leidergottes net sou geklapt huet,



wie et soll. Ziel war an 24h 40.000 km ze maan (also an 24h 1x ronderem Welt)

Sonndes moies haaten mir dun eng interessant ‚Mass'. Die war wirklech flott, souguer die faul Palette Bananen hun matgemeet ;o)
Mettes war dun Besuchsdaag fir Familien,Frenn… All Land haat eppes fir eis Gäscht firbereed, sou och eis Haitianer die super gekacht haaten an och mega succes domadden haaten.
Owes gouf nach 35 Joer Ranger/Rover gefeiert mat aalen Fotoen an engem meeega leckeren Kuch.

Meindes as et dun lassgangen op den Hike. Den Hike war angedeelt an 4 verschiden Wee'er duercht Land. Sou haat all Mensch vun eis en aneren Hike.
Mat Blooderen an Blesseierten deen

aneren Daag owes, hun mir eis op den Camp zereckgequält. Verschidener vun eis haaten Chance am Chill out Bereich (Relaxatiounsbereich) eng kleng Massage ze kreien :o)



Dun war schon Mettwoch, an do stoungen Visiten duercht Land (z.B. Family of men, Kassematten, Bofferdengs Brauerei, Sebes…) um Programm. Owes haaten mir eng UUcht op eisem Souscamp, wou all Land eppes typesches aus sengem Land soll kachen. Et war en flotten kulinareschen Owent mat Mozartkugeln, Haameschmieren, Mielkniddelen, …etc

Donneschtes war dun Sport um Porgramm. Et haat een och nees eng massesch Auswiel tescht Wasserski (wat bei mir + Tessy net sou super geklapt huet,mee mir sin schein brong gin ;o) ) Speleo, Kajak, klammen…



Speleo gouf ennerbrach,well puer Deeg virdrun een daitschen Scout an der Höhl sech Been gebrach haat… an en as net gestuerwen, wie verschiden Zeitungen behaapt hun ;o)

Freides haaten mir Fun Games, wou den Numm eigentleg schon genug seet :o) Et konnt een mol nees richtegt Kand raus-loosen, wei z.B. bei Wasserspiller, klam-men, Kierpermolerei…
Owes haaten mir desideiert naicht um Programm ze hun ;o) Et war awer eng Mass, fir die die wollten…
Samschdeg haaten mir Building-site, wou mir z.B. Kompostkescht, Labirinth … gebaut hun.
Owes war dun am Zelt eng meeega Ofschlossparty, die verschidener net mei sou ganz matkruuten (gell NDA ;op hihi)



Konklusioun: Mir waren alleguer bessi traureg, dass deen flotten Camp sou seier riwer war. Mir haaten super Chance mam Wierder. Jidereen, deen den 4U net mat-gemeet huet, huet eng deck verpasst!!

Sonndes gouf dun am liiichten Solper alles oofgerapt :o(

RaRo

# Föösweekend zu Dikkrich

(Also et ass schon zimlech laang hier! An et weess net méi all Détail, sou datt daat hei een relativ kuerzen Beitrag get.)
Alles huet domatt ugefaangen, datt mir een Datum gesicht hun fir een Weekend ze maachen. An vue que datt net jiddfereen Zäit haat, hun mir deen dun eréicht Fuesend gemaach.

Also Samsdes ass et lass gaangen, mir sin kollektiv an den Cactus akaafen gaangen. Et war och gudd datt mir zu vill waren, well eleng hätt keen déi Onmassen vun Gefréiss an soss Saachen net gepackt!
Als éischten offiziellen Programmpunkt, hun mir Fueskichelcher gebaak, also Kniet (mengen ech emol). Opjiddferfall, waren mir de ganzen Mëtteg domadder beschäftegt!
Dun ass déi ganz Saach méi spannend gin, d'Heizung ass nämlech bei der Däiwel gefuer. No e bessen Gefummels vum Ben, an no e puer Telefonater, ass daat Ganzt erem gaangen.
Et lues a lues Zait gin fir eis Fondue ze prépareieren, d'Jungs hun sech der Aufgaab ugeholl fir den Dech ze decken an ze dekoreieren. Waat hinnen och wonnerbar gelongen ass!!
Iessen war wéi gewinnt s** gudd, an eis Fuerkichelcher sin och net esou schlecht. Noom Spullen haaten mir dun eng wonnerbar Véillée (weess net méi genau waat daat war), déi awer gudd ukomm ass. Opjiddferfall hun mer nach no dem Programm, vill geschnësst a gelaacht, an Dommheeten gemaach.
Moies, sin mir dun, matt méi oder manner Duscht, opgestaanen! Och wann et verschidden Leit schwéier gefall ass. ;-) et ass Kaffi gedronk gin an alles e bëssen geraumt, well mir sollten Mëttes op d'Cavalcade goen.
Wéi gesoot noom Iessen, an nom Raumen sin mir dun lassgaangen. Eisen Gruppechef haat eis eng kleng Visite oofgestatt an ass ganz spontan matt op d'Cavalcade gaangen. No deem ganzen Ëmzuch sin mir nach een (oder zwee, oder ...) Klengen huelen gaangen.
An dun ass et och Heem gaangen!

Am groussen Ganzen war et een super Weekend!!

**www.lgslorentzweiler.lu**




**En as do!**
Eisen neien Internet Site :
- Neien Design
- Aktuell
- Foto Galerie
- Newsletter
- An nach weideres ...

Sponsored by **VAlain S.A.**
*Solutions Internet*
*Site web - Intranet - E-commerce*
www.valain.lu



# Buergbrennen 2004

En méi oder manner schéint Fréijoer, a Summer as et schon rem hier, do hun d’LGS an d’FNEL Luerenzweiler sech wéi déi lescht zwee Joeren rem op de Wee gemeet, den Wanter ze verdreiwen.

Samstes moies hun sech déi éischt Leit getraf, fir den Haaptstamm vun der Buerg ze fixeiéren, an d’Längt ze bestemmen (Leider haat den FNELs Guy een Flapp an



der Box, an sou wor ons Buerg herno nemmen ~13 Meter héisch). Am Nometten sin dun d’Wellef vun deenen zwou Gruppen (oder soen mer éischter d’Wellef vun der Fnel, an en puer Leit vun ons déi de Jemp nach zesummen gesicht haat) duerch d’Duerf gezun, an hun e puer Suen gesammelt fir d’Buergbrennen ze sponseren. Währendems gouffen op der Schanz (der Platz wou d’Buerg ofgebrannt get) Buden opgericht, an déi üblech Sachen gemet.

Déi Nuecht hun och wei all Joers rem Leit bei der Buerg gepennt (wéi d’lescht Joer erem nemmen LGS, gedou Fnel). Leider sollt dest Joer d’Nuecht eng ganz ganz kaal gin, mat souguer Schnei, daat sollten Schnicko an co. och dun ze spieren kréien.

Sonndes moies géeint 9 Auer, as dun d’Arbecht bei der Buerg sou lues erem ugelaaf (wéi gesot: sou luuueeeees). Dun hu mer mol ons Pneuen bei d Buerg geheit, dass se besser brennt (klengen Witz). An Wirklechkeet gouf d’Buerg fir d’éischt mat Reiser vun aalen Chreschtbeemerscher emweckelt, dun koum eng gudd Schicht Stréi derbei, an schlussendlech koumen nach Säck ronderem, wou mer Kerzenwues drop geschot hun.
No engem laangen Daag, war se dun färdeg ons Buerg. Mir hun ons Buerg dun nemmen nach gehuewen (een Kannerspill, wéi all Joer), an dun stoung se op der Schanz (si war alt mol rem déi gréissten an der Gemeng).
Mat kanadeschen Feier gouffen ons Besicher dun begréisst, an mat Glühwein warm gehaalen, bis et dun erem geheescht huet : BURN-BUERG-BURN!!!
Et war genau sou schéin wei all Joers, an et as ganz secher fir all déi Leit déi ons Buerg nach net bewonneren konnten oder erem wellen gesin eng Visite wärt, d’nächst Joer. Den nächsten Wanter steet schon virun der Dier, also as et och net méi lang bis d’Buergbrennen 2005.
Bis dann ...

Ben B.(Bisi)



# Montées Weekend 2004

## Den 23. a 24.10. um Neihaisgen

### Aus der Siicht vun den Raro

Um 14h Rendez-vous beim Foyer, wou mir dun gewuer gin sin, dass mir mussen mam Bus op den Kierchbierg fueren an vun do aus den Wee bis op Neihaischen trepelen. Montee fir rop ant RaRo machen den Mich, Eric, Pol, Schnittchen Flepp, d'Butz an d'Sarah.
Enerwee hun mir misten Fotoen maan z.B. hun mir misten eng Pyramid maan, engem friemem Mann d'Hand gin, enger Frau Bigodien ant Hoer, eng Kamasutrastellung …en plus hun mir den Flepp oben ohne firun der Entree vum Flughafen misten knipsen :o)



No 4 Stonnen sin mir dun endleh um Neihaisgen ukomm an mir haaten all eis Fotosmissiounen erfellt. CaraPio sollten en Hung schluechten,mee well si dat net gemeet hun, dun sollten mir dat als klengen Special maan.  No langen Diskutiounen hun mir dat dun awer sin gelooss, well munsch anerer net daccord domadden waren. Dun huet Fanny eist Fridolin nees zereck bei sein Härr bruecht.

Owes hun mir als nei RaRo eng gut Keisfondue giess. Noom Spullen an raumen war dun Zeit op Veillée op die mir all super gespaant waren.
Veillée stoung ennert dem Thema: Halloween. Die, die Veillée organiseiert haaten, die waren super verkleed an si haaten sech vill mei gemeet mat der



Dekoratioun. Mir goufen all an 4 Gruppen gedeelt. Als Spiller hun mir misten en Kürbis auskeulen an dekoreieren, eng Mumie mat Toilettenpapeier anrullen. Mengen just, fir Kanner waren Spiller besi ze laang gin.

No der Veillée, goufen die kleng dun ant Bett gescheckt an mir hun eis et nach besi gemütleg gemeet. Naja, besi as gut gesoot, et war 4 Auer mueres gin bis die läscht 6 och am Bett loungen.

Den anerern Daag goufen mir dun leif vum Herby erwäscht ;o) Deen haat och sech amüseiert Tsremp duerch Kummer ze



schleefen ;)
Noom Kaffi an mettes noom lessen stoungen nach verschiden Veillée'en um Programm.
Nomettes gouf dun den Chalet gebotzt, wou all Mensch eng Hand ugepaakt huet (och wann verschidener dat net sou gesin)

Ajo, nach en Merci unt Mettesiessen vum Carole, Annick an Karin. Et war super lecker!!!

Majo, ech freen mech schon op nächst Joer an dann duerf ech mat eng Montée firbereeden fir die ‚nei' ;o) hehe

Butz




# Foto CD 2004

Och dest Joer kritt dir rem eis beléiften Foto CD mat enger Selectioun vun de beschten Fotoen vum leschten Guiden a Scouts Joer 2003/2004.

*Präiss : 2 €*

# Foto DVD 2004

NEI dest Joer : Op enger DVD kritt dir sämtlech Fotoen déi bis elo mat engem digitalen Fotoaparat vun eisen Aktivitéiten gemach goufen. Vun 2000 bis 2004, vu Biber bis Raro, vun Ouschteréeraktioun bis Krëschtmaart.

Dat sin insgesamt **ca. 11.000 Fotoen**!

Des DVD könnt dir op ärem Computer kucken oder och op ärem Fernseh wann dir een modernen DVD-Player hutt.

*Präiss : 3 €*

# Mir waren mat dobei!

Hei sin just déi Leit opgeléscht, déi hir Cotisatioun bezuelt hun an dofir och op där offizieller Memberslëscht vun 2003/2004 vum Verband stoungen.

## BIBER

Tom BODE
Gilles COLLING
Jules FOXIUS
Coleen GONNER
Julie HARY
Michel HEISTEN
Olivier KIEFFER
Vanessa KOCH
Chiara LANGERS
Charly NEYENS
Rick RODERES
Linda SCHMIT
Céline SPITHOVEN
Céline TOISUL
Matthew TONEY

***CHEFFEN***

Renée BIDOLI
Michel BRÜCK
Carole JUNGBLUT
Elisabeth KRECKE
Eric LAMHENE
Annick MENSTER
Robert POST

## WELLEFCHER

Julie BECK
Lena BIDOLI
Carole BORDEZ
Florence DE DOOD
Melanie FETTES
Rachel GONNER
Liz HARY
Francis KRIER
Philippe MOULIN
Jeff ROMMES
Nora SCHMIT
Carole SCHMOL
Fanny TOISUL
Brian TONEY

***CHEFFEN***

Fanny BICHLER
Danielle BRÜCK
Paul BRÜCK
Michel DOSTERT
Germain FOURNELLE
Marianne JACOBS
Melanie MASSOL
Patrick WEBER
Julie WENGER

## AVEX

Max BECK
Charel BIDOLI
Lisa BISENIUS
Charel BODE
Julie JACOBS
Anne ROMMES
Christophe SCHMOL
Jil SCHOSSELER
Christian TREINEN
Tanja WIESEN
Samantha WIESEN
Tom WILTGEN

***CHEFFEN***

Jemp BECK
Ben BISENIUS
Anne MOLITOR
Ben MOLITOR
Ernestine MULLER

## CARAPIO

Catherine HANCK
Sarah JACOBS
Charel MODERT
Tammy RINNEN
Paul SCHINTGEN
Charel MODERT
Sven SCHOSSELER
*(+ aaner Cheffen)*

***CHEFFEN***

Fränk BOURMER
Sven LINCKELS
Myriam MAES
Carole NEY
Nico PANETTA
Ander SCHROEDER

## RARO

Patricia (Butz) FEVE
Eric LARSEL
Philippe SCHAACK
Liliane STAUS
*(+ aaner Cheffen)*

***CHEFFEN***

Tessy HÖFLIGER
Mireille PEUSCH

## 5. BRANCHE

Patrick GALBATS
Marc JEGEN
Patrick LECLERC
Georges MENSTER
Marc MOLITOR
Alain PAULUS
Marc SCHROEDER
Roby THEISEN
André THEISEN
Philippe WENGER
Nicole LECLERC-FELTES
Manon STEIN-WEIS
Annick WEISS
*(+ aaner Cheffen)*

## MATAARBECHTER

Pascal FEHLEN
Lucien WEYERICH
Christophe WIROTH
*(+ aaner Leit déi keng Cotisatioun bezuelt hun)*